eng KLACK fir eis SPROOCH
34. Joer
Nr. 324

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

Cotisatioun: 20 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch"

Nächst Klack (Nr. 325): Samschdes, de 7. November 2026


Actioun Lëtzebuergesch
20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel.: 47 06 12 (Repondeur)

E-Mail: contact@actioun-letzebuergesch.lu
www.actioun-letzebuergesch.lu

Eise Comité:
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Samuel Bost, Patrick Ehleringer, Angelo Holzem, Astrid Holzem-Lang, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)

Pe'l Schlechter ✝

Am héijen Alter vun 105 Joer huet de Pe'l Schlechter äis de leschten 3. September fir ëmmer verlooss. Hie gëllt als ee vun de Pionéier vun der Comic-Zeechnung zu Lëtzebuerg. En Numm huet hie sech gemaach als Grafiker, dee joerzéngtelaang d'Plakater vun der Lotterie Nationale an der Foire entworf huet. Awer och als Dichter an als Schréftsteller ass hien ervir getratt. Eng ganz Rei vu Satiren an Kuerzgeschichte si sengerzäit vun him an der „Warte" publizéiert ginn. 2013 koum säin éischt Buch eraus: „De Pol muss an de Krich". Et sinn dat autobiographesch Erzielungen aus der Zäit, wéi hien am Zweete Weltkrich zwangsrekrutéiert gouf an dunn an Holland verstoppt war. Dofir krut hien de „Lëtzebuerger Buchpräis". Et koumen nach eng Rei aner Publikatiounen derbäi – ëmmer op Lëtzebuergesch, déi Sprooch, déi him besonnesch um Häerz louch. Zesumme mat sengem Brudder Ger krut de Pe'l Schlechter 1995 d'Sëlwer Plaquette Dicks-Rodange-Lentz vun der Actioun Lëtzebuergesch iwwerreecht, déi hien domat fir säi Wierk a Lëtzebuerger Sprooch geéiert huet. Als Paul Schlechter ass hien



(Foto: CNL - © Wolfgang Osterheld)

den 20. Abrëll 1921 als jéngste Fils vum Auteur Demy Schlechter an enger Kënschtlerfamill op d'Welt komm. Scho vu Klengem un ass hie Pe'l genannt ginn, an deen Numm huet hien – trotz allen Ännerungen an der Schreifweis – bis zum Schluss behal, an esou behale mir hien och an Erënnerung. Merci, Pe'l, fir alles, wat s Du fir d'Lëtzebuerger Sprooch gemaach hues!

~~Letzeboiesch~~ TODAY ~~(1)~~

Et geet och anescht (1)

Verschidde Leit hu sech warscheinlech no der leschter Klack gefrot: „Hunn déi elo eng mat der Pan do bei der AL?" "Letzeboiesch Today"? Esou schreift een dat dach guer net!

D'AL krut och direkt zwee Commentairë vun hiren treie Klack-Lieser a Lieserinnen erageschéckt.

En Här huet gemengt, dass dat keng gutt Iddi wär, Texter hei mat net esou ganz richtege lëtzebuergesche Wierder ze publizéieren; dat géif déi Leit verkuerbelen, déi grad amgaange wären, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren.

Eng Madamm huet äis dann e Bréif geschéckt an doranner direkt e puer Virschléi gemaach, wéi een et besser maache kéint. Si huet awer och nach op ee Wuert higewisen, wat an hiren Aen eng Doudsënn fir eis Sprooch wär, an zwar d'Wuert „lecker", och wann dat Wuert vläicht an Holland geleefeg wär.

Wat war dann elo den Zweck vun dëser Aktioun, a wéi koum et dozou?

Et goung fir d'alleréischt emol drëms, fir erauszefannen, wéi dann elo hautdesdaags Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Dofir goufen an den éischte Méint vun dësem Joer déi geschwaten a geschriwwe Press analyséiert, well déi missten dat jo awer kënnen! Dono gouf da gekuckt, wéi d'Leit dobaussen dann esou Lëtzebuergesch schwätzen.

Fir e proppert Lëtzebuergescht ze schwätzen, kéint ee jo eventuell op dem Lex Roth seng „Eises"-Wierder zeréckgräifen, wat typesch Stacklëtzebuerger Ausdréck sinn. Allerdéngs sinn dat Ausdréck aus de 60er a 70er Joren, déi aus haiteger Siicht schonn erëm e bëssen antik kléngen a just nach vun e puer Prozent vun de Leit geschwat ginn. Soll een dann elo an déi aner Richtung goen an déi Wierder, esou wéi se haut geschwat a geschriwwe ginn, als Standard festleeën?

Datt dat och keng gutt Iddi ass, sollt dofir den Artikel „Letzeboiesch Today (1)" weisen, deen zu 95% aus „moderne" Wierder besteet a wou just 5% dovunner erfonnt sinn, fir datt dat Ganzt eng kleng Geschicht konnt ginn.

Den Optimum schéngt also iergendwou dotëscht ze leien, an an der nächster Klack analyséiere mer dann den Artikel „Letzeboiesch Today (1)" aus der Klack 323 Stéck fir Stéck, a kucken, ob et dann elo Alternativë fir Wierder, wéi „schwanger", „lassfueren" a „Wäisswäin" gëtt. *P. E.*



De Witz-Eck

En Enkelkand

D'Bomi seet zu hirem Enkelkand:

– „Fir däi Gebuertsdag däerfs du der e Buch wënschen."
– „Ok, dann hätt ech gär e Spuerbuch."

D'Foussball-Weltmeeschterschaft

Fro: *Wat maachen d'Fäns vun der Lëtzebuerger Foussball-Nationalequipe, wa se d'Weltmeeschterschaft bis gewonnen hunn?*

Äntwert: *Si maachen d'Playstation aus.*

(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch" ze kréie bei der AL)

Vu Bomien a Kandskanner

E Réckbléck op de Summer

Ech weess net, läit et um Alter oder un der Hëtzt? An dëse Summerdeeg gëtt ee gefuerdert. D'Bom läit meeschtens an der Fotell ënnerdaach an ass **entnäipt**, an dat am hellechten Dag, d'Buch ass op de Buedem gefall, an de Bop dee **ronkt** niewendrun. Koum soss net vir. „Boma, **penns du**?" géif d'Jugend soen. Ma neen, **ech näipe** just! Bei 28° **an der Kummer**, um **Späicher** kann ee jo net schlofen! D'**Plaumebett** an d'Decke sinn an der **Spënnchen**, e **Läilech** geet bei dëser Afenhëtzt déck duer! D'Nuetshiem an den Nuetsläpp bleiwen am Schaf. Meng Bomi hat **Léngent**, dat bescht fir op d'Bett, am Summer kill, am Wanter waarm.

De Gaart hunn ech opginn, deen **driibst** nach just dohin. Eng Blummewiss géif et och net brénge bei dësen Temperaturen. Alles verdréchent, **rabbeldier**, d'Äppel verbrennen un de Beem. Just d'Onkraut, dat ass **ondugen**, dat iwwerlieft. Dat ass dach fir **rabbelkäppeg** ze ginn. Ech **kristillege** mech net méi! An ech iergere mech och net méi Schëmmel a Bless, dat brénge et jo net. Den Alter – schéngt et – mécht ee **méi gedam**.

De Bop geet all Dag an de **Bongert** an nätzt wéinstens de **Spierebam**, dee mir am Fréijoer gesat hunn. Ausser enger Spierendrëpp kann een eigentlech soss näischt mat dësem Uebst ufänken. Mä si si ganz rar, et gëtt bal keng méi, an eleng dowéinst wëlle mir en um Liewen halen.

Eise Mupp läit am Eck ze **gaapsen**, hien ass och guer net méi **äerdeg**.

U grousst Schaffen ass net ze denken; strecken? vergiess et, vill ze waarm, ech **wudderen** nach just e bëssen am Keller, do ass et méi frësch.

Kachen? Dat gëtt niewelaanscht gemaach, am beschte kale Plat mat Duerchzoch.

A fir de Rescht? D'Kandskanner huelen et labber. Si chillen. No den Ustrengungen an der Schoul, endlech mol liddereg sinn. Um **Réckstrank** leien an an den Himmel kucken. Sou gesinn: mir **leien** all **an de Lëtschen**. *S. L.*



D'Kläckelchen 323

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

Opléisung vum Rätsel vun der Kläckelchen 323

– *Et gëtt méi Ketten, wéi rose Kazen.*
Et gëtt méi Ketten, wéi rosen Hënn.

– *Een Af mécht der dausend!*
Een Af mécht der honnert!

– *Kënns de net haut, da kënns de gëschter!*
Kënns de net haut, da kënns de muer!

– *Et fänkt ee méi Mécke mat Hunneg, wéi mat Ueleg.*
Et fänkt ee méi Mécke mat Hunneg, wéi mat Esseg.

– *An der Nuecht sinn all Koze gro.*
An der Nuecht sinn all Kaze gro.

– *D'Guttheet ass e Stéck vun der Gescheitheet!*
D'Guttheet ass e Stéck vun der Dommheet!

– *Déi bescht Réit kommen ëmmer herno, wéi déi stramm Geessen!*
Déi bescht Réit kommen ëmmer herno, wéi déi schlamm Geessen!

– *Ween A seet, muss och Z soen!*
Ween A seet, muss och B soen!

– *Grénge Chrëschtdag, wäisse Kleeserchersdag.*
Grénge Chrëschtdag, wäissen Ouschterdag.

– *Et keeft ee keen Hond am Sak!*
Et keeft ee keng Kaz am Sak!

– *Papaya ass gedëlleg.*
Pabeier ass gedëlleg.

– *Wann de Bauer et kennt, da frësst en et!*
Wat de Bauer net kennt, dat frësst en net!

– *D'Bier fält net wäit vum Bam.*
Den Apel fält net wäit vum Bam.

– *Och e blannt Hong fënnt alt emol e Kärel.*
Och e blannt Hong fënnt alt emol e Kär.

– *All Dëppe fënnt seng Decken.*
All Dëppe fënnt säin Deckel. *P. E.*